ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2022

RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

erënnert drun, datt:

- si, wéi am Artikel 68 vun der zukünfteger Verfassung festgeschriwwe soll ginn, an Zukunft bei all Referendum bestëmmen däerf, wee mat ofstëmmen däerf;
- am Ablack d'Recht, un engem Referendum deelzehuelen, just deene Leit zousteet, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, op d'mannst 18 Joer al sinn, hir zivil a politesch Rechter net verluer hunn an op de Wallëschten ageschriwwe sinn;
- den Ausgank vun engem Referendum, och vun engem konsultative Referendum, ee wäitreechenden Afloss op d'Zukunft an d'Identitéit vun enger Natioun kann hunn;

decidéiert dowéinst, datt:

un all Referendum, deen Auswierkungen op

- d'Verfassung
- d'Justiz, d'Diplomatie, d'Verdeedegung, d'ëffentlech Sécherheet an all aner hoheitlech Funktioun
- déi national Symboler
- d'Souveränitéit vum Land a seng international Verflichtungen
- d'Lëtzebuerger Nationalitéit
- d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur
- d'Walgesetzer op kommunalem, nationalem an europäeschem Niveau
- den ëffentlechen Déngscht

kann hunn, nëmmen ageschriwwe Wieler op de Lëschte fir d'Legislativwalen, mat Lëtzebuerger Nationalitéit an iwwer 18 Joer deelhuelen däerfen.